



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister, d'Madamm Justizminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Wéi am Artikel "LCGB fuerdert Sécherheetskabinne fir Buschaufferen", deen den 13. September um Zitt vun RTL publizéiert gouf eleng dës Joer scho bal eng dosend Iwwergrëff op Buschauffere registréiert. Weider heescht et an engem Schreiwes vun der zitierter Gewerkschaft, datt déi Fäll op bestëmmte "sensible" Strecken besonnesch dacks virkommen a fuerdert als Léisung d'Installatioun vu Sécherheetskabinne fir Chaufferen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi weist, wéi vill Iwwergrëff op Buschaufferen an de Joren 2018 bis 2021 jee weils gemellt goufen, op wéi eng Strecke sech de Schwéierpunkt verdeelt huet, wéi dacks de Chauffeur huet missen hospitaliséiert ginn a wéi dacks en Täter duerch d'Justiz condemnéiert gouf? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wéi vill Krankeschäiner an deem genannten Zäitraum op en Iwwergrëff zeréckzeféiere waren?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen, op hien sech déi Fuerderung vum LCGB no Sécherheetskabinne wëll zu eege maachen? Falls net, kann den Här Minister elaboréieren wéi déi Decisioun motivéiert wier a wéi hien d'Sécherheet vun de Chaufferen alternativ wëll erhéijen, och fir engem potenziellen Attraktivitéitsverloscht vum Beruff entgéint ze wierken?
- 3) Sou wéi an der Presse ze liese war, gehéieren zu deene sougenannte "sensible" Strecken och grenziwwerschreidend Linne Richtung Frankräich. Kann den Här Minister matdeelen u wéi eng Autoritéit Chauffere sech kënnen adresséieren, wann si hannert der Grenz attackéiert a wouméiglech an eng Situatioun bruecht gi, wou si hir Faart mussen ofbriechen? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wéi eng Instanzen an deem Fall zoustänneg sinn, fir sech ëm dat entspreichend Gefier an de Weidertransport vun de betraffene Passagéier ze bekëmmern? Kann den Här Minister doriwwer raus allgemeng elaboréieren, wéi wäit de Schutz vun de Chaufferen tëscht deene bedeelegten ëffentlechen a private Busentreprisë grenziwwerschreidend koordinéiert gëtt?
- 4) Kann den Här Minister matdeelen, wéi hien zu der Méiglechkeet steet, Täter déi wéinst engem Iwwergrëff op Personal vum ëffentlechen Transport verurteilt goufen, den Zoutrëtt dozou zukünfteg ze verweigern?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten